N°315
Entrée le 09.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Aus engem Pressecommuniqué vun der Union luxembourgeoise des consommateurs nouvelle (ULC) geet ervir, dass d'Unzuel u Phishing-Attacken 2023 op 1300 bekannte Fäll ugewuess ass. Leider ass dovunner auszegoen, dass d'Unzuel un Tentativen an net bekannte Fäll nach vill méi héich ass.

Aus der Äntwert op déi parlamentaresch Fro n°184 geet zousätzlech erviir, dass et net vill weider Zuelematerial gëtt, fir dës Entwécklungen ze kadréieren. Weder féiert d'Police Statistiken iwwert d'Natur vun den Arnaquen, nach iwwert den „Modus operandi" oder d'Alterskategorië vun den Affer. Dëse Mangel un Informatioune betrëfft souwuel de Finanzsecteur wéi och déi aner Typen vu Phishing-Attacken.

Besonnesch eeler Leit si cibléiert a géingen sech e bessere Schutz virun dësen Attacke wënschen. Hei si souwuel déi ëffentlech Autoritéiten als och privat Acteure gefuerdert. Och wann d'ULC Initiativen, wéi BEE Secure an ëffentlech Informatiounscampagnen, felicitéiert, wënscht si sech eng méi staark Implicatioun vun de Finanzhaiser op nationalem Plang, besonnesch wann et ëm d'Ënnerstëtzung vu betraffenen Affer geet.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll vu versichte Phishing-Attacke op national present Banke sinn dem Ministère an de leschte 5 Joer bekannt?


2. A wéi ville Fäll ass et den Auteure vun den Attacken an de leschte 5 Joer gelongen, fir Donnéeën, Informatiounen oder och finanziell Moyene vu Clienten z'erhalen?

3. Ginn et Pläng säitens dem Ministère eppes am Kader vum Schutz viru Phishing-Attacken op legislativem Plang ze ënnerhuelen?

4. Ginn et Pläng säitens dem Ministère eppes am Kader vun enger Entschiedegung vun Affer bei Phishing-Attacken op legislativem Plang ze ënnerhuelen?

5. Wéi ënnerstëtzt d'Spuerkeess (wëssend, dass et sech ëm een établissement public handelt) hier Clienten am Fall, dass se Affer vun enger Phishing Attack gi sinn?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

www.piraten.lu